ass den Här Fernand Kartheiser. Här Kartheiser, Dir hutt d'Wuert.

M. Fernand Kartheiser *(ADR).-* Merci, Madame President. Dir Dammen an Dir Hären, ech muss soen, mir woren och iwwerrascht, datt mer hei eng Debatt iwwer Omega 90 elo féieren, well am Bréif vun der DP stoung just «une heure d'actualité au sujet de l'évaluation de l'éducation morale et sociale dans l'enseignement fondamental». Dat ass natierlech net ganz prezis gewiescht.

Mä wa mer hei iwwer Omega 90 elo solle schwätzen, da muss een awer och emol ufänken, fir vläicht e Merci un déi Leit auszedrécken, déi do matschaffen an déi wierklech eng ganz, ganz wäertvoll Aarbecht leeschten. Datt eng Schoul op déi Leit zréckgräift, fir iwwert den Doud ze schwätzen, ass normal. Et ass richteg. Et ass souguer wierklech gutt, fir esou virzegoen, well déi Leit mat eppes ganz Komplizéiertem, ganz Delikatem all Dag konfrontéiert sinn a wierklech déi Erfahrung matbréngen an déi Sensibilitéit matbréngen, fir och mat Kanner kënnen doriwwer ze schwätzen.

Euthanasie oder palliativ, et kann een dach elo net higoen… Ech froe mech heiansdo: Ass d'Demokratesch Partei nach demokratesch, wa se elo higeet a seet: „Leit, déi eng aner Positioun iwwer Euthanasie hunn, sollen an de Schoulen net méi d'Recht hunn, fir ze schwätzen"? Ech mengen, dat ass tendenziell vläicht net den Zitat Berger, mä et ass awer tendenziell dat, wat e Vertrieder vun der Demokratescher Partei hei gesot huet.

Do froen ech mech: Ass dat dann eng demokratesch Partei, déi d'Versteesdemech vun deem Wuert, wat se am Numm huet, iwwerhaapt dann nach verdéngt? Oder huet se dat nach?

Hei gëtt och duerjerneegehäit: Wäerteunterrecht a wäertneutral. Wat ass dann an den Ae vun der Demokratescher Partei e Wäerteunterrecht? Ass dat eng Éducation aux valeurs oder eng Éducation sans valeurs, wann et eng Wäertneutralitéit soll sinn? Gëtt et dat? Soll et dat iwwerhaapt ginn, Wäertneutralitéit an eise Schoulen? Neen, dat soll et net ginn! Och net an enger Éducation morale et sociale.

Eis Kanner solle mer zu Wäerter erzéien, ob an der Éducation morale et sociale oder an engem Reliounsunterrecht, iwwert dee mer elo hei, ausser bei eise grénge Kolleegen, nach net geschwat hunn. Well och am Reliounsunterrecht gëtt iwwert den Doud geschwat, an zwar op eng flott Manéier, well do den Doud iwwerwonne gëtt, wat bei deenen aneren net esou ënnerstrach gëtt.

Une voix.- Hoho.

Une autre voix.- Fernand!

M. Fernand Kartheiser *(ADR).-* Jo, et ass esou. Ech wëll dat just hei an Erënnerung ruffen,…

La même voix.- Beweist dat emol.

M. Fernand Kartheiser *(ADR).-* … datt et och déi Optioun gëtt.

Mir diskutéieren eng Kéier driwwer.

Une voix.- Hu mer schonn.

M. Fernand Kartheiser *(ADR).-* Wat d'Neutralitéit an de Schoulen ugeet - ech si bal um Enn vu menger Zäit -, loosse mer nach ee Wuert doriwwer soen. Dat ass nämlech och wichteg, well keng…

(Interruption)

Jo, Merci, Madame President.

Mä keng Partei huet bis elo dat gesot, wat eigentlech déi gréissten Erausfuerderung ass. Dat sinn d'Politiker an de Schoulen, déi an d'Schoule gi virun de Wahlen a Wahlpropaganda maachen. Dat ass en Här Turmes, en Här Goerens. D'Madame Minister selwer geet dacks dohinner oder vun der CSV eng Häerd Leit. Vun der ADR net, komescherweis.

(Hilarité)

Mä ech wëll awer just soen, wa mer iwwer Neutralitéit an de Schoule schwätzen: Et ass net Omega 90, wat eis Suerge mécht, net d'Spezialiste wéi Fierschter a Polizisten oder Leit, déi anere Leit beim Stierwen hëllefen a se ënnerstëtzen - net aktiv, fir datt mer do keng Verwiesslungen hunn -, mä dat sinn d'Politiker an de Schoulen. An do stellt sech eng ethesch Fro, ob mer net da sollen eis Schoulen an eis Schüler emol schütze viru politescher Propaganda virun de Wahlen.

Ech soen lech Merci.

Mme la Présidente.- Merci, Här Kartheiser. Deen nächsten a leschten agedroene Riedner ass deen honorabelen Här Hoffmann. Här Hoffmann, dann hutt Dir d'Wuert.

M. André Hoffmann *(déi Lénk).-* Madame Presidentin, wa mer hei en Débat gehat hätten allgemenger Aart iwwert d'Formation morale et sociale, dann hätt ech selbstverständlech - dat wonnert lech net - hefteg plädéiert fir e Cours unique a Richtung praktesch Philosophie, net a Richtung Wäerteunterrecht, well deen Ausdrock mer net gefält. Ech wëll och soe firwat, ier ech op Omega 90 kommen.

Well Wäerteunterrecht, dat kléngt esou, wéi wann een an der Schoul Wäerter antriichtert, esou wéi een däitsch Grammatik antriichtert, a genau dat sollt eng Formation morale et sociale eben net sinn. D'Schoul vermëttelt scho vill Wäerter. Dat si ganz oft bestehend Wäerter, traditionell Wäerter.

(M. Laurent Mosar reprend la présidence.)

Eng Formation morale et sociale soll just eigentlech Wäerter an Normen anüben an hannerfroen; dat heescht jo net se oflehnen, awer och se erkennen an hirem gesellschaftleche Kontext an och léieren, dass Wäerter sech veränneren, dass ee se ka verännere selbstverständlech an dass een heiansdo souguer gesellschaftlech dominant Wäertvirstellunge soll veränneren.

Duerfir hunn ech also och léiwer en Ausdrock wéi „praktesch Philosophie" - déi kann een op alle Stufe maachen, de Schüler ugepasst - wéi deen Ausdrock „Wäerteunterrecht".

Et muss ee jo awer soen, bei deem Cours unique si mer leider wéinst enger Partei hei bis elo nach ëmmer kee Schrëtt weiderkomm, mä vläicht…

(Interruption)

Zwou? Aha.

Mä vläicht kënnt dann awer déi gréisst vun deenen zwou eng Kéier zur Asiicht, dass et souguer fir déi Relioun, déi se an hirem Numm stoen huet, besser wär, wann dee Privileg, dee se genéisst an de Schoulen, ofgeschaf wär.

Omega 90: Ech sinn absolut der Meenung, dass ee soll Acteure vu baussen an d'Schoul eranhuelen. Dat ka ganz nëtzlech sinn, ganz gutt fir d'Schüler. Allerdéngs muss een oppassen, wéi eng Envergure dass dat kritt, op där enger Säit. An hei schéngt mer awer d'Envergure e bëssen iwwerdriwwen ze sinn, wann ech déi Stonnenzuelen héieren.

Op där anerer Säit muss een awer eng gewësse politesch, ideologesch, reliéis Neutralitéit garantéieren. An do sinn ech och net sécher, ob dat dann hei de Fall ass. Ech wëll net ënnerstellen, dass déi Leit vun Omega dann elo eng konservativ, kathoulesch oder wat och ëmmer fir eng Ideologie do verbreeden. Ech stelle mer awer d'Fro, wat geschitt, wa si selwer vu sech aus d'Thema vun der aktiver Stierfhëllef an deem Projet do behandelen, oder wéi si reagéieren, wann d'Kanner an der Schoul déi Fro opwerfen, entweder einfach vu sech aus oder well se mat esou enger Situatioun konfrontéiert sinn.

Hu mer dann d'Garantie, dass déi Vertrieder vun Omega 90 eng neutral oder objektiv Positioun huelen och par rapport zu der Fro vun der aktiver Stierfhëllef? Wa se dat net maachen, dann ass d'ideologesch oder reliéis Neutralitéit, wann een dat esou däerf soen, net garantéiert. Duerfir ass et scho berechtegt, dass ee par rapport zu deem Projet do seriö Froe stellt an e bëssen oppasst, wat domadder geschitt.

M. le Président.- Merci dem Här Hoffmann. An elo kritt d'Regierung d'Wuert, d'Éducationsministesch, d'Madame Mady Delvaux-Stehres.

Mme Mady Delvaux-Stehres, *Ministre de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle.-* Merci, Här President. Also, mir geet et wéi aneren. Ech mengen, d'Demande vun der Heure d'actualité war jo esou allgemeng, an och d'Diskussioun hei weist, dass een dat op verschidde Manéiere kann interpretéieren. Dofir wëll ech mech ganz kuerz faassen.

Éischtens sinn ech derfir, dass d'Schoul sech opmécht, fir Leit vu baussen eranzehuelen. Dat steet iwwregens och am Regierungsprogramm. Ech mengen, dass et wichteg ass, dass eis Kanner an eis Jugendlech an där komplizéierter Welt, wou mer sinn, mat enger Villfalt och vu Leit a Kontakt kommen, fir sech eng Meenung ze maachen, wat et gëtt.

Da mengen ech, dass déi Ouverture soll geschéien am Kader vun der Autonomie vun enger Schoul. Keen hëlt der Schoul déi Verantwortung ewech. Ech mengen, all Question parlementaire bis elo, egal iwwer wéi eng Interventioun et gaangen ass, war an déi Richtung. Ech froen ëmmer d'Schoul, ob si dat wëllt.

Da soen ech: Mir hunn ee gutt Beispill, wat ech e bësse méi suivéiert hunn. Mir hu jo eng eenzeg Schoul, wou eng Éducation aux valeurs ass, an do gi systematesch Intervenants externes gefrot a précisément fir delikat Froen: iwwer Relioun oder iwwer Liewensanschauungen, well dat jo dann Témoine sinn, déi eigentlech besser kënnen doriwwer schwätzen, wéi een, dee sech dat just ugelies huet. Dat ass awer hei net de Fall.

Dann hunn ech en drëtte Prinzip: Wann Intervenantë vu baussen an d'Schoul kommen, dann ass et fir mech awer nun eng Konditioun, dass den Enseignant dann och an der Klass ass. Et ass net, fir eng Klass mat engem vu baussen ze loossen, ouni dass den Enseignant do ass.

Voilà! Dat, géif ech emol soen, wären déi grouss Prinzipien, a wann een déi do anhält, da gesinn ech elo net, firwat ech hätt sollen, wéi d'Leit vun Omega 90 gefrot hunn, fir kënnen e Projet an enger Schoul ze maachen, am Numm vu wat ech hätt sollen dat refuséieren. Esou vill zum Prinzip. Dann zu de prezise Froen.

Also, éischtens bezilt de Ministère näischt. Also, mir hu keng Suen, fir dat ze bezuelen.

Zweetens hunn ech nach ni héieren, dass do sechs Persounen op d'Kanner lassgelooss ginn. Also, dat iwwerrascht mech, well dat musse jo formëiert Leit sinn. Et ass jo net de President oder een Exponent, deen an der Öffentlechkeet Meenungen ausdréckt, dee formëiert ass, fir kënnen an der Schoul déi Aarbecht do mat Kanner ze maachen, well dat ass, mengen ech, déi schwéierst Aarbecht, déi et gëtt, fir dat do ze maachen.

Ech wëll och hei der Chamber soen, dass, ouni meng Autorisatioun ze froen, bal all eis Schoulen am Fall, wou e Kand stierft, wou e Suicide ass an enger Schoul, wou en Enseignant stierft, wou Eltere stierwen, bal alleguerten d'Enseignantë vu sech aus Hëllef siche ginn, fir mat de Kanner doriwwer ze schwätzen, well dat dat Schwéierst ass, wat et gëtt.

Et gëtt zwee Anbieter - wann ech dat kann esou soen - hei am Land, déi formëiert Leit hunn an déi och bereet sinn, an d'Schoulen ze goen. Dat ass engersäits Omega 90 an dat ass anerersäits de Groupe d'intervention psychologique. Et gëtt der zwee am Land. An d'Schoule froen deen, deen Zäit huet oder deen, dee se kennen.

Dat si Leit, déi sech immens vill formëiert hunn, fir mat de Kanner iwwert déi Saachen ze schwätzen. An dat weist jo och, dass all Generalist, e Generalist-Enseignant, deen eigentlech awer fir esou delikat Saachen net…, dass deen oft frou ass, wann en Hëllef ka siche kommen.

Elo sot Der: „Dat do ass ze laang. Dat dauert ze laang." Et ass ëmmer d'Konditioun, dass den Enseignant an der Klass ass. En däerf net eng Woch sech fräi maachen an dann d'Leit doranner fonctionnéiere loossen.

Ech hu gesot: „Wann Dir Schoule fannt, déi interesséiert sinn, fir dat doten ze maachen." Ech denken, dass se scho virdrun - well se jo vill a Schoulen erëmkommen - Schoulen haten, déi interesséiert waren, dat ze maachen. Da muss d'Autorisatioun vun der Gemeng geholl ginn. An da mussen natierlech d'Elteren informëiert ginn. Ech mengen net, dass een esou eppes ka maachen ouni d'Autorisatioun vun den Elteren.

Déi Konditioune sinn amgaang erfëllt ze ginn. Wann dat dann eng Kéier stattfonnt huet, da mengen ech, wär et derwäert, dass mer déi Leit géife komme loossen a se froen - souwuel d'Enseignantë wéi déi vun Omega oder d'Vertrieder vun den Elteren - a mat hinnen driwwer diskutéieren, wéi dat dann empfonnt ginn ass.

Dofir, muss ech soen, war ech eigentlech e bëssen iwwerrascht iwwert déi Vehemenz. An da muss nach ee mer hei erklären, wat un Omega 90 esou suspekt ass, well ech hu mech do e bëssen informéiert. Dat ass jo gegrënnt gi vu sechs Organisatiounen. Sechs! D'Amiperas, d'Caritas, d'Croix-Rouge, Doheem versuergt, d'Fondation luxembourgeoise contre le cancer an Hëllef Doheem. Do sinn, souwäit ech weess, Associatiounen derbäi, déi méi no um kathoulesche Bord sinn, mä et sinn awer och där anerer, well ech hunn nach ni héieren, dass een d'Croix-Rouge zum Beispill als klerikale Club do vernannt hätt.

Dofir muss ech soen, dass ech e bëssen iwwerrascht war iwwert d'Vehemenz. An dofir sinn ech eigentlech dankbar, Här Berger, dass ech kann hei an aller Öffentlechkeet deen Débat e bëssen dédramatiséieren.

Ech soen lech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci der Madame Unterrechtsministerin. Domadder wär dëse Punkt och ofgeschloss.

Mir kéimen dann elo zu eisem leschte Punkt vum Ordre du jour, nämlech de Projet de loi 6151 iwwert d'Laboratoiren. D'Riedezäit ass och hei nom Basismodell festgeluecht. Et hu sech bis elo ageschriwwen: d'Madame Mergen, den Här Wagner, d'Madame Mutsch, den Här Braz an den Här Colombera. D'Wuert huet elo d'Rapportrice vum Projet de loi, déi honorabel Madame Lydia Mutsch. Madame Mutsch, Dir hutt d'Wuert.

6. 6151 - Projet de loi modifiant la loi du 16 juillet 1984 relative aux laboratoires d'analyses médicales

Rapport de la Commission de la Santé et de la Sécurité sociale

Mme Lydia Mutsch *(LSAP), rapportrice.-* Merci, Här President. De Projet, iwwert dee mer haut hei diskutéieren, änert déi aktuell Bestëmmunge vum Gesetz vum Juli 1984 iwwert d'Laboratoires d'analyses médicales of, fir esou der Entwécklung an deem Beräich Rechnung ze droen. Et ass eng Tatsaach, dass an deem genannte Beräich an deene leschte Joren a Jorzéngten eng enorm Evolutioun geschitt ass.

Zum engen hu sech d'Technik an den Opwand vun den Aarbechtsgäng fir d'Analysen immens verännert. Déi meescht vun deene gängegen Ënnersichunge gi mëttlerweil bal vollautomatesch duerchgefouert. Natierlech bréngt dat mat sech, dass grouss Investissementer a Maschinenéquipementer néideg sinn. Op méi laang Siicht awer ass doduerjer de Käschtepunkt pro Analys staark erofgaangen.

Zäitgläich ass d'Biologie médicale am Kader vun der medezinescher Behandlung ëmmer méi wichteg ginn, sou dass an dësem Beräich och ëmmer méi geziilte Spezialisatiounen derbäikomm sinn. Duerch dee Fortschrëtt brauch et ëmmer méi neiaarteg Ënnersichungen, méi modern Équipementer a méi spezialiséiert Personal.

D'Lëtzebuerger Regierung huet de Potenzial vun deem zukunftsträchtege Beräich erkannt a grouss Efforten ënnerholl, fir zukunftsorientéiert ze plangen an Aktivitéite vun der Recherche biomédicale, wéi zum Beispill d'Biomarqueuren, hei zu Lëtzebuerg weiderentwéckelt a gesot, si wéilt se och weider ausbauen, och fir Lëtzebuerg als privilegéierte Site fir Firmen an

Entreprisen an deem Beräich bekannt ze maachen an ervirzebréngen.

Och a genau dat fuerdert awer eben eng Rei vun Änneruungen um aktuelle Laboratoiresgesetz, besonnesch wat d'Exploitatiounsform vun de Laboen ugeet. An deem Zesummenhang gëtt et souguer eng Plainte géint Lëtzebuerg bei der Europäescher Kommissioun, déi den 18. März 2010 eng Mise en demeure u Lëtzebuerg adresséiert huet, well déi medezinesch Laboen zu Lëtzebuerg nëmmen dierfe vun enger oder e puer Personnes physiques opgemaach an exploitéiert ginn - keng aner juristesch Form ass nämlech zoulässeg - a well de Kapital vun esou engem Labo integral muss an den Hänn vun engem oder méi Biologistë leien, déi an deem Laboratoire schaffen.

Dobäi wëll ech nach eng Kéier ervirsträichen, dass sech d'Landschaft vun de medezinesche Laboratoiren hei zu Lëtzebuerg an de leschte Jorzéngte ganz staark verännert huet. 1999 goufen et nach néng privat Laboratoiren zu Lëtzebuerg. Haut sinn et der just nach dräi, déi awer net manner wéi 350 Persoune beschäftegen. Wéi mer während den Auditiounen zum Projet de loi 6196 - dat ass d'Gesondheetsreform - héieren hunn, waarde si mat Ongedold op dës Änneruungen, déi mat deem virleiende Projet de loi solle virgeholl ginn, well se domadder aner Méiglechkeete kréien, fir sech als Acteurs économiques um Marché, net nëmmen hei zu Lëtzebuerg, mä och an der Grande Région an an Europa ze behaapten.

Aus all deene Grënn gëtt also mat dësem Gesetz d'Méiglechkeet fir privat Laboratoirë geschaf, eng Personne morale ze constituéieren, déi de Laboratoire dann exploitéiert. Eng Partie vun Incompatibilitéite soll sécherstellen, dass et keng Interessens- a Gewëssenskonflikter gëtt. Ausgeschloss aus dem Kapital vu Privatlaboratoirë sinn deemno all déi Gesondheetsberuffer, déi dierfen Analyse verschreiwen. Ausgeschloss sinn och d'Établissements hospitaliers a Persounen, déi Deeler dorunner hunn. D'Établissements hospitaliers kënnen awer selwer sech zesummendoen, fir e Laboratoire opzemaachen an ze exploitéieren.

Am Kader vun der Gesondheetsreform ass och vill diskutéiert ginn iwwer eng eventuell Baisse vun den Tariffer. D'Laboratoiren hu jo effektiv an deene leschte Joren eng Rei Aschränkunge missen hinhuelen: verschidde Baissë vun de Lettres-clés grad wéi d'Beschränkung op zwielef Analysen, déi rembourséiert ginn.

D'Laboratoiren an d'CNS si sech kaum eens ginn. D'Laboratoirë soten, si kéimen ze vill ënner Drock an hunn natierlech och d'Ongläichheet par rapport zu de Spidolslaboratoiren aus hirer Siicht kritiséiert. An d'Caisse nationale de la santé ass dovunner ausgaangen, dass, bedéngt eben duerch d'Evolutioun vun den Aarbechtsweisen an de Laboratoiren, d'Analysen haut vill manner kaschte wéi zu der Zäit, wou d'Tariffer ausgehandelt goufen.

Et ass ze hoffen, am Intérêt vun alle Bedeelegten, mä och am Intérêt vun der Gesondheetskeess an eisem Versuergungssystem, dass déi nei Bestëmmungen hei fir méi Transparenz wäerte suergen an domadder d'Diskussiounen doriwwer och wäerte vereinfachen.

Am Regierungstext war och virgesinn, fir den Accès zum Laboratoiresresponsabele méi wäit opzemaachen. De Conseil d'État grad wéi och de Collège médical war awer domadder net d'accord. An d'Kommissioun huet sech d'Argumenter vum Conseil d'État zu Häerz geholl, sou dass d'Laboratoiresresponsabel deemno och an Zukunft weiderhin eng medezinesch Grondausbildung an eng Autorisation d'exercer fir Lëtzebuerg brauchen.

De Projet de loi regelt och, ënner wéi enge Konditioune Prélèvementer, déi zu Lëtzebuerg gemaach goufen, kënne vun auslännesche Laboratoiren analyséiert ginn. Ufanks war virgesinn, dass déi misste beweisen, dass se op d'mannst de Sécherheets- a Qualitéitsusprécht gerecht géife ginn, déi hei zu Lëtzebuerg gëllen. Och hei ass d'Gesondheetskommissioun am Detail op dem Statsrot seng Argumenter agaangen an huet seng Propos an där Hisiicht ugeholl.

Déi lehnt sech nämlech un de franséische System an och un déi Législatioun un an déi beseet, dass eng Labosanalys aus dräi Phase besteet an dass déi dräi Phasen am Prinzip musse vun engem an deem nämlechte Laboratoire duerchgefouert ginn. An dass den éischte Laboratoire, deen de Prélèvement gemaach huet, och vis-à-vis vum Patient d'Verantwortung dréit, dass d'Qualitéits- an d'Sécherheetskritären agehale ginn. Deen éischte Laboratoire huet also Intérêt, sech ofzesécheren, dass dee Laboratoire, wou d'Soustraitancë gemaach ginn, och de Kritären entsprécht.

Nach e puer Wierder zu den Analyse selwer. Pardon, nach e puer Wierder net zu den Analysen, mä zu den Avisen. Ausser dem Collège médical, op deem seng Remarque ech scho kuerz agaange war, hunn ënner anerem och nach d'Commission consultative des laboratoires an d'Société luxembourgeoise de biologie clinique grad wéi d'Associatioun vun de Laborantins diplômés an d'Associatioun vun den Assistants techniques médicaux en laboratoire en Avis ofginn.

Dës Organisatioune waren zum Deel éischter retizent an hu fir weider Gardefouë plädéiert, wat d'Incompatibilitéite betrëfft bei de méigleche Bedeelegten um Kapital vun de Laboen. Eng weider Fuerderung war et, fir d'Méiglechkeet vu Soustraitancen ze limitéieren. D'Fédération luxembourgeoise des laboratoires d'analyses médicales huet de Projet allerdéngs positiv aviséiert.

Ech wéilt ofschléissend gären ervirsträichen, dass de Comité directeur vun der Gesondheetskeess wéilt, dass déi nei Bestëmmunge sech op d'Tariffer auswierken, déi der Assurance maladie fakturéiert ginn. En ënnersträicht och, dass d'Situatioun vum LNS, dem Statslabo, muss geregelt ginn, och am Kontext vun enger équitabeler Konkurrenzsituatioun mat de private Laboratoiren.

Vläicht eng lescht Remarque, déi sech méi op de wirtschaftlechen Aspekt vun dësem Gesetz bezitt. D'Méiglechkeet, sech als Société commerciale ze constituéieren, gëtt eise Laboratoiren, privat oder Spidolslaboratoiren, d'Méiglechkeet, sech zesummenzedoen an domadder sech och iwwer eis Grenzen eraus ze positionéieren an domadder e besseren Accès zu Finanzéierungsmodeller ze kréien duerch Gréisst, Kompetenz an d'Tatsaach, dass Lëtzebuerg logistesch ganz gutt ugebonnen ass.

D'Kompetenz vun eise Laboen a vun auslännesche Referenzlaboratoiren, déi sech vläicht hei nidderloossen, kënnt finalement och eise Patienten zegutt, well si direkten Accès zu de positive Retombéeë kënne kréien.

Mat deene positive Perspektive wëll ech den Accord vun eiser Fraktioun zu dësem Projet de loi mat op de Wee ginn an lech Merci soe fir d'Opmierksamkeet.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Ech soen der Madame Rapportrice Merci fir hire Rapport. Als éischt Riednerin ass déi honorabel Madame Martine Mergen agedroen. Madame Mergen, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

Mme Martine Mergen *(CSV)*.- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, am Numm vun der CSV-Fraktioun géif ech wëllen der Madame Rapportrice villmools Merci soe fir hiren exhaustive schréftlechen an exzellente mëndleche Rapport, deen net méi vill Punkten oppe léisst. D'CSV begréisst dëse Projet, deem säin Haaptuleies deen ass, an engem Secteur, deen a steeteger Entwécklung ass, aner Exploitatiounsformen ze erlaben, wéi dat an der Vergaangenheet de Fall war.

Dee finanziellen Invest, deen néideg ass, fir esou e Labo op d'Been ze stellen, e stännege State of the art um Niveau vun de Recommandatiounen ze halen an dann och nach innovativ ze sinn, deen Invest ass schwéier, wann net onméiglech vun enger Eenzelpersoun ze droen. Duerfir erlaabt d'Gesetz dem Labo a Form vun enger Personne morale ze fonctionnéieren, esou wéi dat am europäeschen Ausland méiglech ass a wéi d'Europäesch Kommissioun dat och verlaangt huet an hirer Mise en demeure vum März d'lescht Joer.

D'Gesetz erlaabt et och de Spideeler, sech zesummenzedoen, fir e Labo - an oder ausserhalb dem Spidol, eleng oder zesummen - ze exploitéieren, net awer fir sech an enger Personne morale ze associéieren. Dës Interpretatioun ass ganz sécher och am Sënn vun der Santésreform, fir op eng méi wirtschaftlech Aart a Weis d'Ressourcë vun de Spideeler zesummenzeleeën, fir Double-emploien ze verhënneren an esou derzou bäizedroen, d'Krankekeesebudgete mëttelfristeg ze sanéieren.

Et soll och gesot sinn, dass esou Zesummenaarbechten, mä och Zesummenaarbechten tëscht Spideeler a Privatlaboen an och mat Privaten och am Ausland elo scho fonctionnéieren. Et ass net eréischt säit haut oder säit gëschter, dass eng Rei Ënnersichungen am Ausland gemaach ginn.

Mir erreechen heiansdo einfach den Nombre critique net, fir déi néideg Qualitéit ze garantéieren. Et géif sech also de Moment net lounen, déi mënschlech a materiell Ressourcen heiansdo a fir verschidden Analysen hei am Land ze etabléieren. Mir kënnen awer elo gespaant sinn, ob net Privatlaboen an Zukunft esou Méiglechkeeten, esou Weeër wäerte goen, esou Méiglechkeete wäerte profitéieren an, wie weess, och eng Kéier Analysen op Lëtzebuerg zéien.

Wann ee sech d'Laboslandschaft hei am Land ukuckt, esou wéi se reell existéiert, dann hu mer d'Situatioun, dass all Laboen de Moment - déi privat, d'Spideeler, déi öffentlech - fir déiselwecht Analysen an enger eigentlech onméiglecher Konkurrenz stinn. Fir kënnen ze iwwerliewen, huet scho bei ons eng grouss Konzentratioun vun de Privatlaboe stattfonnt. Dir hutt et alleguerte matkritt, dass an all gréisserem Duerf op d'mannst ee Centre de prise de sang ass. Si sinn hire Clienten an der Demande méi nogaangen, mä iergendwann ass déi Schinn och ausgereizt.

Déi Privat hunn awer gewisen, dass een och ka méi ekonomesch fonctionnéieren, wéi dat an deenen anere Secteuren de Fall ass. Déi Zifferen, déi genannt ginn, si relevant, och wann den direkte Verglach bis elo net ze maache war, well d'Käschte vun den eenzelnen Analysen an de Spideeler a bei den öffentleche Laboen net esou kënne verglach ginn.

Déi Privat hunn och bewisen, dass een, wann een Investissementer zu där richteger Zäit mécht, duerchaus kann en Exzellenzzenter a verschiddenen Domänen etabléieren. Mä de finanzielle Risque fir eng Eenzelpersoun ass enorm, an dat soll elo anescht ginn.

Fir d'CSV-Fraktioun ass et besonnesch wichteg, dass keng vertikal Associatioune méiglech sinn, also keng Dichotomie, dat heescht, dass et inkompatibel bleift, dass d'Prescripteure gläichzäiteg Teilhaber an enger Gesellschaft wieren, déi e Labo exploitéiert. Dëst ass am Sënn vun der Législatioun iwwert den Exercice vun der Medezin an den deontologesche Kritäre vum Collège médical, déi et zum Beispill och verbidden, dass d'Doktere vu verschiddene Spezialitéiten, déi ee bei deem anere kënnen Avisen huelen, associéiert wieren.

Här President, d'Madame Mutsch ass schonn drop agaangen, dass d'Kommissioun, wat d'Responsabilitéit op den Analysen ugeet, dee Wee, deen de Conseil d'État proposéiert huet, matgaangen ass, nämlech fir d'Virgäng an dësem Zesummenhang an dräi Phasen opzedeelen, déi da kënnen individuell duerchgefouert ginn, mä fir déi d'Verantwortung kloer bei deem Labo läit, deen de Patient ursprénglech sollicitéiert hat. Esou ass dëse Labo eben och responsabel fir de Choix vun engem eventuell anere Labo, deem hien en Deel vu senger Aarbecht delegéiert, an also soll hien dëse Choix och no Qualitéitskritären treffen, an net nëmmen no där bëllegster Offer sichen.

D'Santéskommissioun huet festgestallt, dass no allgemengem Recht souwisou d'Responsabilité civile fir deen eenzelnen Acteur spillt, an dass géint jidder Eenzelnen och ka Recours geholl ginn.

Et bleift da nach zum Schluss d'Diskussioun, déi een an de verschiddenen Avisen erëmfënnt an déi och an der Santéskommissioun diskutéiert gouf, nämlech ob de Medeziner, dee responsabel vun esou engem Labo soll sinn, oder den Apdikter, pardon, eng Autorisation d'exercer misst hunn. De Projet hat nämlech hei méi eng grouss Ouverture virgesinn, an dat huet d'Madame Mutsch ons och scho verzielt.

Et geet ëm de Wëssenschaftler, dee Medezin studéiert huet, deem seng Spezialitéit awer hei am Land net op der Lëscht steet an deen deemno keng esou eng Autorisatioun ka kréien. A sengem Tätegkeetsberäich weist hien oder si awer grad wéinst dëser Spezialitéit dee néidege Profil aus. De Nodeel vun dëser éischter Léisung wier dee gewiescht, dass esou eng Persoun net méi ënnert der Opsiicht vum Collège médical géif stoen.

Also gëtt haut proposéiert, dass et duergeet, dass een eng Formation médicale de base kann noweisen, also en ofgeschlossent Medezin- oder Pharmaziestudium, esou wéi dat am modifizéierte Gesetz vum 29. Abrëll 1983 virgesinn ass. Dann awer kënnt den Ajout, dass déi betraffe Persoun gehalen ass, sech un déi berufflech an deontologesch Kritären, wéi se hei zu Lëtzebuerg virgesi sinn, ze halen, an domadder där disziplinarescher Kontroll vum Collège médical ënnerläit.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mat dëser Léisung kann d'CSV-Fraktioun liewen. Mir begréissen iwwerhaapt dëst ganzt Gesetz, dat et erlaabt, an engem zukunftsträchtegen an ëmmer méi wichtegen Domän, net nëmme fir d'Santé, mä och fir verschidde wirtschaftlech Développementer vun onserem Land, der Privatinitiativ eng reell Chance ze ginn. An nach zum Schluss: d'CSV-Fraktioun gëtt hiren Accord zu dësem Gesetz.

Ech soen lech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci der Madame Mergen. Als nächste Riedner ass den Här Carlo Wagner agedroen. Här Wagner, Dir hutt d'Wuert.

M. Carlo Wagner *(DP)*.- Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, virop wëll ech direkt der Rapportrice villmools Merci soe fir deen detailléierten, souwuel schréftleche wéi och mëndleche Rapport.

Ech mengen, et muss ee soen, dass an de leschte Joren d'Aarbechte vun de medezinesche Laboe sech déifgräifend geännert hunn. Dat huet selbstverständlech drop baséiert, dass mer ëmmer méi techneschmedezinesche Progrèsen an deem doten Domän ze verzeechnen haten. Dat huet selbstverständlech och mat sech bruecht, dass et ëmmer méi zu enger pousséierter, géif ech soen, Spezialisatioun an awer och Kooperatioun komm ass, a souguer hei am Land selwer zu enger regelrechter Konzentratioun vun de Laboen.

Grad an engem klenge Land, wëssend, dass mer net ëmmer kënnen alles an eegener, nationaler Regie maachen, ass et ganz, ganz wichteg, dass mer kënne verstäerkt op international Kooperatioun tëschent de Laboe setzen. Derbäi kënnt natierlech och - an et ass schonn ernimmt ginn -, dass eis Gesetzgebung hei zu Lëtzebuerg de Moment, oder bis elo, net konform war mat den europäeschen Direktiven. An anere Wierder, mir hunn hei zu Lëtzebuerg sougenannten Nohuelbedarf, op alle Fall, wat déi gesetzlech Basis vu medezinesche Laboen ubelaangt. Mat dësem Projet de loi gëtt elo endlech deen Nohuelbedarf opgeholl, an zwar esou, dass mer dee Moment och den europäesche Fuerderunge kënnen nokommen.

D'Demokratesch Partei gesäit an dësem Projet op alle Fall eng echt Chance fir déi Laboratoiren, déi hei zu Lëtzebuerg implantéiert sinn. Mat deem virleienden Text kréie se ouni Zweifel nei Méiglechkeeten, souwuel wat hir Form vun Exploitatioun ugeet, mä awer och wat d'Méiglechkeet vu Kollaboratioun mat auslännesche Laboen ugeet.

Et ass an anere Wierder e gudden Dag fir d'Lëtzebuerger Laboratoiren, nodeems se um Enn vum leschte Joer - Dir kënnt lech alleguerten erënneren - duerch déi souge-

nannten duerchgepeitschte Gesondheetsreform uerg gebeidelt gi sinn, andeems hir Tariffer dach awer sensibel erofgesat gi sinn. Ech géif soen, dat heiten ass e positiven Dag mat positiven Akzenter, op alle Fall fir d'Laboen. Et erlaabt hinnen op alle Fall, nei Geschäftsfelder kënnen an Attack ze huelen, nei Aarbechtsplazen ze schafen an och d'Qualitéit vun den Analyse wäert bestoe bleiwen, respektiv wäert elo souguer verbessert kënne ginn.

An anere Wierder, duerch déi Ursaach, wou ech Iech elo gesot hunn, kann ech den Accord vun der Demokratescher Partei zu dësem positive Projet de loi ginn.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

M. le Président.- Ech soen dem Här Wagner Merci. An als nächste Riedner ass den Här Félix Braz agedroen. Här Braz, Dir hutt d'Wuert.

M. Félix Braz *(déi gréng)*.- Här President, ech wëll am Numm vun der grénger Fraktioun der Madame Mutsch Merci soe fir hiren exzellente mëndlechen a schréftleche Rapport.

Ech mengen, dass zum Projet an zum Sënn an Zweck vum Projet vu menge Virriedner alles gesot ginn ass. Ech wëll dofir just nach eng Kéier eis Zoustëmmung bréngen, awer och nach eng Kéier ënnersträichen, dass mer et bedaueren, dass mer dee Projet hei net schonn am Dezember konnte maachen. Et wier keng grouss Schwieregkeet gewiescht, dee Projet virum Enn vum Joer ze votéieren. Dat hätt de Leit aus dem Secteur gehollef an dat hätt och hirem Wonsch entsprach. Ech bedaueren dat. Mir haten dat als Gréng proposéiert. Mä et ass elo, wéi et ass. Mir bréngen zum Text u sech awer gären eis Zoustëmmung.

Une voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci dem Här Braz. An als leschte Riedner ass den Här Colombera agedroen. Här Colombera, Dir hutt d'Wuert.

M. Jean Colombera *(ADR)*.- Merci, Här President. Ee Merci un d'Madame Rapportrice fir hire Bericht. Am Domän vun der Analyse médicale komme mer an eng Situatioun eran, déi sech an deenen nächste Jore ganz schnell a rapid ganz ferm entwéckele wäert, an deem Sënn, dass mer Analyse wäerte froen, déi mer bis haut nach ni gefrot hunn.

Wa mer bis elo gewinnt woren, fir den Zockerspigel ze kucken, d'Eisen, Cholesterol an esou virun, mat der Restriktioun - wëll ech awer och soen -, wou d'Analyse permanent eng Kéier op zéng pathologesch woren, si mer da lues a lues weidergaangen op immunologesch, allergologesch, bakteriell, virulogesch Analysen. An elo komme mer an déi Situatioun eran, dass mer ëmmer méi an d'Zell, an den Noyau erakommen. Dat heescht, d'Cytogénétique, déi genetesch Molekularmedezin, wéi een dat esou nennt, deen Enjambement vun de Chromosomen, d'Délétioun vun de Chromosomen, dat si lauter Begréffer, déi an nächster Zukunft permanent wäerte vun den Doktere gebraucht ginn. An do ginn och extra Analyse gemaach.

Ech fäerte ganz, dass mer déi Analysen hei am Land net kënne maachen. Aus deem einfache Grond, well dat ganz speziell Analyse sinn, well se nei sinn a well d'Apparatur net do ass. An ech stelle mer d'Fro, ob et vläicht net an deem Sënn richteg wier, dass mer hei zu Lëtzebuerg eng Kéier ee Centre hospitalier universitaire géife kréien, wou mer déi Analysen da géife maachen.

Da stellt sech awer och d'Fro: Wat maachen déi privat Laboratoiren? Kommen déi domadder no oder komme se net no? Well, wéi mer elo fir de Moment de Fall hunn, speziell Analysen, déi ginn alleguerten an de Centre hospitalier, entweder op Stroossbuerg, op Louvain, op Léck geschéckt, an da kréie mer se heihinner geschéckt. Natierlech, dat ass eng Léisung, mä et ass vläicht awer net déi allerbeschte Léisung.

Dofir, wéi gesot, dee ganzen Domän vun der Medezin, vun der biologescher Medezin wäert sech ganz weiderentwéckelen. An ech hoffen, dass mer als klengt Land, als Lëtzebuerger och do wäerte richteg matmaachen. Dofir begréisse mer emol dëse Schrëtt, dass déi privat Laboratoiren iwwert d'Grenzen eraus kënne schaffen. Et ass e positive Projet, a mir wäerten dann dësem Projet zoustëmmen.

Merci, Här President.

M. le Président.- Merci dem Här Colombera. Elo kritt d'Wuert den Här Gesondheetsminister Mars Di Bartolomeo.

M. Mars Di Bartolomeo, *Ministre de la Santé*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dat hei ass e Projet, deen dobaussen net dat ganz grousst Opsehen erreegt, mä et ass awer e Projet, deen e ganz grousse Potenzial a sech huet. An et ass e Projet, deen op eng ganz Rei vun Evolutioune ronderëm eis reagéiert.

Ech wëll fir d'Éischt der Madame Rapporteur, dem Lydia Mutsch, en häerzleche Merci soe fir den exzellente Rapport an och den Engagement, fir de Projet schnell iwwert d'Ronnen ze bréngen. Et kann een driwwer diskutéieren, ob een en am Dezember oder am Januar hëlt. Ech mengen, dat mécht net den Ënnerscheed. Ech wëll just soen, dass d'Kommissioun ganz effikass a konstruktiv geschafft huet.

Dat, wat de Labossecteur an deene leschten 20, 25 Joer un Evolutioun hannert sech huet, ass enorm. Virun 20 Joer hu mer mat groussen Apparater a ville Leit a laangen Zäite wéineg Analyse kënne maachen. Haut kann de Labossecteur mat klengen Apparater vill Analyse mat wéineg Leit an a ganz kuerzen Zäiten a ganz fiabel maachen.

D'Diagnostik wäert an deenen nächste Joren als Basis vun der moderner Medezin eng Evolutioun huelen, déi mer eis haut nach net kënne virstellen. Do ass e Potenzial dran, deen enorm ass.

Ech ginn Iech ee Beispill, dat mer eis an deene leschte Woche selwer konnten ukucken. De mënschleche Genom, d'Ierfmass vun engem Mënsch, déi war bis virun e puer Joer net ze sequenzéieren, dat heescht, net opzeschlësselen. Virun dräi Joer ass et fir d'éischte Kéier gelongen, an engem Effort vun dräi Joer mat Mëttele vun 300 Milliounen US-Dollar, dat ze erreechen. Haut ass et méiglech, de Genom ze sequenzéieren an e puer Deeg an zu engem Käschtepunkt vun 10.000 Euro (veuillez lire: Dollar).

D'Zilsetzung ass, an deenen nächsten zwee, dräi Joer dat kënnen ze maachen innerhalb vun e puer Stonnen zu engem Käschtepunkt vun 1.000 Euro (veuillez lire: Dollar) an da kann ee weiderdreemen. An deem dote Secteur gëtt et eigentlech keng Limiten, déi een haut kann ofgesinn, déi sinn haut net bekannt, an déi nei Diagnostik, déi personaliséiert Medezin, d'Biomedezin - an, an, an - wäerte muer d'Basis gi fir eng modern Medezin.

Mat deene Risiken, wëll ech soen, déi mer alleguer kennen: Well, wann et keng Limitë méi gëtt, fir de Mënsch auserneenzehuelen an all potenziell Krankheeten ze analyséieren, da mengen ech, gëtt et ganz grouss Geforen, déi domat verbonne sinn an déi esou wäit kéinte goen, dass de Mënsch vum éischten Dag, wou en op d'Welt kënnt, als potenzielle Kranken ugesi gëtt an da vun alle méiglechen Interessente mat Medikamenter, déi kënnen, sollten, misste verhënneren, dass déi Krankheet eng Kéier ausbrécht, gefiddert gëtt.

Dat heescht also, op där enger Säit kënne mer soen, déi doten Entwécklung, bei där ass d'Limite nach net ofzegesinn. Mä well dat esou ass, musse mer déi doten Entwécklung op eng intelligent Aart a Weis begleeden, flankéieren an och ofsécheren, fir dass se wierklech am Interesse vum Mënsch ass an net nëmme prioritär am Interesse vun neie Geschäfter mat der Gesondheet.

Dat ass eppes, wat mer mussen an eise Bestriewunge mat abannen, fir bei deem dote Secteur matzeschaffen, matzemëschen, fir och hei zu Lëtzebuerg Standuert kënnen ze ginn. An do si mer amgaang, dat ze maachen. Déi bioethesch Froen, déi domat verbonne sinn, déi sinn am Moment amgaang, an engem Avis vun der Commission nationale d'éthique duerchliicht ze ginn.

Ech hunn Iech virdru gesot, dass d'europäescht Ëmfeld eis dozou encouragéiert huet, fir déi hei Gesetzesännerung ze maachen, dass déi Bestriewungen, déi mer mat auslännescheen internationale Partner maachen, fir an der Diagnostik Acteur ze ginn, eis och ofverlaangt hunn, fir vun där bishereger Organisatiounsform vun de Laboen ofzewäichen an aner Organisatiounsforme méiglech ze maachen. Well do sinn, wann een déi Aktivitéiten - d'Fuerschung, awer och d'Start-upen an herno méi industriell Applikatiounen - wëllt drunhänken, ganz aner Zommen am Spill wéi dat, wann een e klassesche Laboratoire d'analyses médicales opbaut. Do ass de Risiko esou grouss, dass eng eenzel Persoun dat schwéier ka maachen an dass do d'Gesellschaftsform ubruecht ass. Dat als Hannergrond.

Sécher interesséiert et, dass an deene leschte Joren d'Laboswelt hei zu Lëtzebuerg sech komplett ëmstrukturéiert huet an dass d'Acteuren, d'Zuel vun den Acteure kleng ginn ass. Ech wëll och soen, dass bei deenen Acteure ganz dichteg Acteuren derbäi sinn, déi net nëmme Lëtzebuerg am Viséier hunn, mä iwwert d'Grenze kucken an och duerchaus e Potenzial hunn, fir Acteur iwwert d'Grenzen ze gi mat europäesche Partner.

Dat heescht, hei setze mer de Grondsteen fir d'Entwécklung vun engem Secteur hei zu Lëtzebuerg. Mir setzen och de Grondsteen fir Allianzen iwwer eis Grenzen eraus. A mer setzen de Grondsteen, fir Acteur ze ginn an engem Beräich, deen a voller Entwécklung ass.

Wéi et richteg gesot ginn ass vun der Madame Rapporteur, gëtt et net nëmmen eng Entwécklung op dësem Gebitt, mä et gëtt och eng Entwécklung am Spidolswiesen, wou d'Lëtzebuerger Spideeler amgaang sinn, am Labosberäich méi enk zesummenzeréckelen, déi Routine, déi gemaach muss ginn, fir do d'Efforten zesummenzesetzen a selbstverständlech awer Antennen an deenen eenzelnen Haiser ze halen. Mä och do ass eng méi enk Zesummenaarbecht amgaang, wat gutt ass!

An der Gesondheetsreform hu mer am Ambulatoire souwuel déi privat Laboe wéi och d'Spidolslaboen - an dat war ëmmer e Problem an der Vergaangenheet - op e Pied d'égalité gesat. Dat heescht, si ginn d'selwecht behandelt an Zukunft. Si tariféieren och d'selwecht. An déi eenzel Leeschtungen, déi déi eng kréien an déi aner net kréien, déi gi vun där Tarificatioun ofgehalen, sou dass mer do net méi riskéieren, attackéiert kënnen ze ginn.

Déi nächst Etapp ass d'Reform vum Laboratoire national de santé. Do si mer ganz wäit fort mat de Preparativen. Et sinn nach zwee Gespréicher, déi ze féiere sinn, an da kënnt de Projet an de Conseil de Gouvernement. Ech mengen, de Labo, dee muss och déi Evolutioun, déi et um Private gëtt an op anere Pläng gëtt, kënne suivéieren. Wann e wëllt Acteur an deem dote Beräich bleiwen, dee sech ganz schnell entwéckelt, däerf en d'Entwécklung net verpassen.

Et ass richteg gesot gi vun deenen eenzelne Riedner, dass déi fantastesch Entwécklungen an de Laboen och mussen e Spuerpotenzial bréngen fir d'Allgemengheet an och fir d'CNS.

An nodeem mer dat heite Gesetz dann hoffentlech de Mëtteg stëmmen, wäert et dann de Laboen, och deene private Laboen, e bësse méi liicht falen, fir och hir Contributioun zu der Konsolidéierung vun der Gesondheetskeess ze maachen. Déi ass virgesinn an déi muss spéitstens bis den 1. Abrëll unter Dach und Fach sinn.

Mir hunn also eis Virleeschtung bruecht. Mir erwaarden dann och déi vernünfteg Reaktioun vun deenen, déi sech wäerten dank dësem Gesetz weider kënnen entwéckelen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech soen Iech Merci.

M. le Président.- Merci dem Här Gesondheetsminister. Domadder wäre mer och um Enn vun der Diskussioun iwwert dëse Projet. Mir kommen elo zur Ofstëmmung.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmme fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss, an de Projet de loi 6151 ass ugeholl mat 58 Jo-Stëmmen.

Résultat définitif après redressement: le projet de loi 6151 est adopté à l'unanimité des 60 votants.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par M. Marcel Oberweis), MM. Fernand Boden (par M. Lucien Clement), Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden (par M. Raymond Weydert), Norbert Haupert (par Mme Martine Mergen), Ali Kaes, Marc Lies, Mill Majerus, Mme Martine Mergen, MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Jean-Louis Schiltz, Marc Spautz (par M. Félix Eischen), Lucien Thiel, Robert Weber, Lucien Weiler (par Mme Sylvie Andrich-Duval), Raymond Weydert et Michel Wolter (par M. Lucien Thiel);

MM. Marc Angel, Alex Bodry, Mme Claudia Dall'Agnol (par M. Ben Fayot), M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par M. Alex Bodry), MM. Ben Fayot, Claude Haagen (par M. Roger Negri), Jean-Pierre Klein, Lucien Lux (par M. Ben Scheuer), Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz (par M. Marc Angel);

MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur (par M. Xavier Bettel), MM. Fernand Etgen, Paul Helminger (par M. Carlo Wagner), Claude Meisch (par M. Fernand Etgen), Mme Lydie Polfer (par M. Eugène Berger) et M. Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss (par M. Camille Gira), Henri Kox (par M. Félix Braz) et Mme Viviane Loschetter (par M. François Bausch);

MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen (par M. Fernand Kartheiser), Jacques-Yves Henckes (par M. Jean Colombera) et Fernand Kartheiser;

M. André Hoffmann.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

Domadder si mer um Enn vun eiser Sitzung ukomm. D'Chamber kënnt muer um hallwer dräi nees zesummen.

D'Sitzung ass opgehuewen.

(Fin de la séance publique à 17.46 heures)

Chamber TV

och an der Rediffusioun all Sëtzungsdag vu 19:00 Auer un

d'Chamber online op

www.chd.lu